

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5280 vum 23. November 2021 vun den éirewäerten Deputéierten André Bauler a Gusty Graas äntwert d'Madamm Ëmweltminister am Besuch op d'Vermschotzung vun eise Gewässer duerch d'Héichwaasser am Summer, datt d'Proprietäre vum Knascht deen deemools an eis Flëss gelaangt ass, fir d'Entsuergungskäschten zoustänneg sinn. D'Madamm Minister féiert wieder aus, datt hei keng Differenz gemaach gëtt, ob bewosst Knascht an de Floss gehäit gouf, fir d'Käschte vun deene virgeschriwwenen Entsuergungen ze spueren an engem "cas de force majeure" wéi d'Héichwaasser en duerstellt. D'Madamm Minister betount dobäi och, datt d'Ëmsetzung vun dëser Prozedur deelweis ganz komplizéiert ass, well zum Beispill d'Proprietäre vu weggeschwemmte Roulotten am Ausland liewen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, fir net tëschent dem Prinzip vum "pollueur-payant" an engem "cas de force majeure" ze ënnerscheiden? Ass un eng zäitno Gesetzesännerung geduecht?
- 2) Geet d'Madamm Minister dovun aus, datt eng Prioritiséierung vun der Entsuergung vum Knascht onofhängeg vun der Fro vum Proprietär, eng administrativ Vereinfachung géif duerstellen, déi et bei zukünftegen Héichwaasser géif erlaben, eis Flëss méi séier ze botzen, wéi dat aktuell de Fall war?
- 3) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi héich d'Käschte waren, fir déi eenzel Proprietären ze identifizéieren an ze kontaktéieren a wéi vill Entsuergungskäschten ob där anerer Säit agespuert goufen?
- 4) Musse Leit, déi hire Knascht noweislech express an öffentlech Gewässer geheien, nieft den Entsuergungskäschte mat weidere, strofrectleche Sanktioune rechnen? Wa jo, wéi eng sinn dat? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten